PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/08/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.

Dat aktuellt Gemengegesetz gesäit am Artikel 20 Reegele vir, fir dass déi lokal Volleksvertrieder net an Interessekonflikter solle verfalen an hiert Mandat am ëffentlechen Interessi ausféieren. Mir ass ee Fall bekannt vun engem Buergermeeschter bekannt, dee gläichzäiteg Gerant vun enger Bank ass.

Ee méigleche Fall vun engem Interessekonflikt betrëfft d'Baugeneemegungen:
D'Persoun, de Buergermeeschter, déi d'Baugeneemegungen an enger Gemeng astellt, ass hei déi selwecht Persoun, déi d'Geneemegung fir een Baukredit mat ënnerschreift oder op mannst zu engem groussen Deel mat beaflosst (et kënne jo och 2 Bankmaatarbechter a sengem Numm ënnerschreiwen op Uerder). Ee weidert Beispill ka sinn, dass d'Interessi besteet, dass d'Gemeng Client bei grad där Bank gëtt, wou dës Persoun Gerant ass an iwwert déi dann eng Unzuel un Prêten a Sponsoring-Aktivitéite fir Gemengenaktivitéiten zesummelafen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Gesäit d'Ministesch an deem beschriwwene Fall eng Méiglechkeet vun engem potenziellen Interessekonflikt?

2. Wäert d'Ministesch dësen Observatiounen ee Suivi ginn a falls néideg hire Pouvoir de tutelle iwwert d'Gemengen asetzen?

3. Weist dëst Beispill alt net nees erëm, dass et néideg wier, d'Kompetenz an d'Verantwortung vun de Baugeneemegungen, grad an der aktueller Logementskris, wou de Buedem ee raart a wäertvollt Gutt ass, vum Buergermeeschter op de Gemengerot ze transferéieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député